# Reservation vun eisen Terrains per Internet

## Mode d'emploi !

Op eiser Internetsait "www.tcschieren.lu" fannt Dir een Link fir d'Réservation. Drop klikken




an dann geet eng nei Sait op:




Dir könnt Iech bei "Login utilisateurs" anloggen. Dofir klikkt Dir op deen Link an dann geet eng nei Fenster op wou Dir Iech könnt aloggen.




Als Login huelt Dir die 3 éischt Buchstawen vun Ärem Familienumm an die 2 éischt Buchstawen vum Virnumm (alles kleng schreiwen). De Mot de passe ass an enger éischter Phase deen selweschte fir jiddereen an zwar: tcs2021
Bsp: Login fir Hoffmann Myriam -> hofmy

Wann dir Iech dann bis die 1. Keier ageloggt hutt kommt dir op folgend Sait:




Do sollt dir dann w.e.g. fir d'éischt emol Ärt Passwuert änneren. Duerno könnt Dir dann eng Reservation vum Terrain machen.

Bsp: Reservation vum Terrain 2 den 19. Mee Densdes moies um 10.00 h
Dir klikkt einfach op deen Terrain deen Dir wellt reservéieren. Also hei den Terrain 2.




Dann wielt Dir fir d'éischt die richteg Woch aus an duerno wielt Dir die Plage aus déi Dir wellt reservéieren.

Dann kommt Dir op die Sait wou d'Lescht mat de Memberen steet sou dass dir Ären Tennispartner könnt auswielen. An dann op "réserver!" drecken. An schons ass Är Stonn reservéiert.







Wann Dir wellt kontrolléieren dann just op "Vérification" drecken an dann kritt dir de Wocheplang mat Ärer Stonn ugewissen.




Eréischt nodeems dir déi Stonn gespillt hutt, könnt Dir dann erem eng nächst Stonn reservéieren!

Falls Dir nach Froen hutt dann mellt Iech roueg bei mir.
Email: tcschier@pt.lu

mat sportleche Gréiss,
Myriam HOFFMANN-NILLES